# Leipziger Buchmesse

Claude Mangen

Leschte 15. Mäerz goung d'Buchmesse Leipzig mat engem exzellente Resultat op en Enn: 147 000 Visiteuren (14% méi wéi 2008) an 2 900 Journalisten aus 23 verschidde Länner (200 méi wéi soss)! 4 Deeg laang konnt dat intresséiert Fachpublikum wéi och de gewéinleche Lieser sech e Bild maachen, wéi lieweg d'Buch am Ablack ass. Domat huet déi international Leipziger Bicherfoire eent vu senge wichtegsten Ziler erreecht, nämlech fir der Branche nei Impulser ze ginn. Eis Gesellschaft brauch Bicher, vläicht méi wéi soss!

An der Kulturchronik geet de Claude Mangen op de Phänomen Bestseller-Boom an déi Leipziger Literatur-Staren an:

1 900 Manifestatiounen mat ëm déi 1 500 Schrëftsteller, ënnert hinnen och 4 Lëtzebuerger, sou resuméiere sech déi plakeg Zuelen vun dësem Literaturfestival vun de Superlativer. Prominenter, Auteuren, Schauspiller a Politiker hunn am Kaderprogramm vun der Buchmesse „Leipzig liest" Zengdausende vun Nolauschterer konnte begeeschteren. Niewend däitschen Auteure wéi Günther Grass, Julia Franck, Wladimir Kaminer, Daniel Kehlmann oder Benjamin Lebert waren eng 200 international Schrëftsteller zu Leipzig, dorënner den T.C. Boyle, ee vun deene gefrotesten.

Op der Leipziger Buchmesse, méi nach wéi zu Frankfurt, ass mer eppes ganz bewosst ginn. Fernseh an Internet si keng Konkurrenz fir d'Buch, ma e Segen. Wéi ass et anescht z'erklären, wann honnerte vu Visiteure sech op engem Foires-Stand drécken, et op sech huelen, eng hallef Stonn a méi d'Been an de Bauch ze stoen, fir engem Auteur nozelauschteren, sief et am Gespréich oder fir eng Liesung. Bestseller-Auteure wéi Daniel Kehlmann, Richard David Precht, Julia Franck a besonnesch T.C. Boyle goufe wéi Pop-Staren opgelauert. Niewend *FAZ, Süddeutsche Zeitung* oder *Die Zeit,* den ëffentlech-rechtlechen a regionale Kultur-Radioe waren ë.a. och Televisiouns-Chaine wéi ARD, ZDF, 3SAT an ARTE zu Leipzig vertrueden. Ronderëm d'Auer gouf et Animatiounen a Live-Enregistrementer vu Sendungen iwwer Literatur a Bicher.

D'Televisioun ass deemno e wichtege Literaturvermëttler an net, wéi andauernd lamentéiert gëtt eng Gefor. De Richard David Precht sot selwer am 100,7-Interview, säi philosophescht Sachbuch *Wer bin ich und wenn ja wie viele* hätt nie deen Erfolleg kritt, wann net d'Literaturkritikerin Elke Heidenreich et sou gelueft hätt. Wat wier e Reich-Ranitzki ouni déi Televisioun, déi en net fäerdeg gëtt mat erofmaachen. Vill Bicher wieren am Buttek versauert, wa se net op den Ecran komm wieren. Anerer goufen zu Recht mat enger koherenter Rezensioun op d'Plaz gesat. D'Televisioun pauschal als niveaulos ofzeklasséieren, ass ongerecht. Et gëtt niewend däer breet gefächerter Offer u Schrott, vill gutt a wäertvoll Sendungen op der Televisioun, déi intelligent gemaach sinn an ënnerhalen. Wie behaapt, de Fernseh wier schlecht, ass selwer schold wann e schlecht Emissioune kuckt an domat hëlleft, d'Quoten eropzedreiwen. Ze behaapten, déi intressant Emissioune kéimen ëmmer sou spéit, ass an Zäite vu Video, DVD an Internet keen Argument méi. Och déi séllechen intressant Literatur-Verfilmungen an Hörbicher kënnen eng Alternativ sinn.

Zu Leipzig ass mer besonnesch e jonke Public virun de Bicherstänn opgefall, déi längst well den Internet am Gebrauch hu fir allméiglech Kommunikatioun, dorënner och den Ëmgang mat Literatur. ARTE organiséiert zanter engem Joer mat grousssem Erfolleg all dräi Méint e Video-Concours fir Poetry-Slam. Am Internet gëtt Literatur editéiert an iwwer Bicher diskutéiert. Den internationale Literaturbetrib ass, wéi vill aner Branchen, vernetzt an et gi laang scho Forumen, Blogen a Siten, déi der Literatur méi dénge wéi schueden. ◆

**Op der Leipziger Buchmesse, méi nach wéi zu Frankfurt, ass mer eppes ganz bewosst ginn. Fernseh an Internet si keng Konkurrenz fir d'Buch, ma e Segen.**

*Kulturchronik vum 17.3.2009*

*De Claude Mangen ass Coordinateur vum Programm um radio 100,7. Kulturchronik um radio 100,7 all dënschdes um 7.55 an 12.50 Auer*